LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2020

Un d'Familljemembere vun de Bewunner an den Wunnstrukturen fir Leit mat Handicap

Madamm, Monsieur,

Léif Famill,

D'Infektiounszuele mam Covid-19 Virus ginn den Ament zu Lëtzebuerg, grad ewéi an eisen Nopeschlänner, erëm an d'Luucht. De Virus ass present an eisem Ëmfeld an an eiser Gesellschaft, an d'Wunnstrukture fir Leit mat engem Handicap sinn hei keng Ausnam.

Dowéinst ass et grad elo ganz wichteg, nieft dem konsequenten Anhale vun de bekannte „Gestes Barrières" (d'Hänn wäschen, d'Distanz respektéieren an d'Droe vun engem Mask wann Dir op Besuch bei Är Léifst gitt), déi sozial Kontakter op déi wierklech wichteg an essentiell Situatiounen ze limitéieren, fir esou dem Virus keng Chance ze bidden sech auszebreeden.

Denkt w.e.g. och drun, wann dir ee Kontakt mat enger positiver Persoun hat, respektiv selwer Féiwer hutt oder soss Symptomer déi op de Covid-19 kéinten hindeiten (Houscht, Schnapp, Kuerzootmegkeet,...), äre Kontakt mam Familljemember op en spéideren Zäitpunkt ze verleeën an doheem ze bleiwen.

Mam Hibléck op Allerhellegen, awer och op d'Feierdeeg um Enn vum Joer, ass et den Appell u Jiddereen sech senger Responsabilitéit nach eemol bewosst ze ginn, an sech solidaresch ze weise mat de méi vulnérabele Leit an eiser Gesellschaft. Och d'Sortien aus de Wunnstrukture sollten duerfir reduzéiert sinn op dat wat wierklech néideg ass, an da mussen déi allgemeng gülteg Sécherheetsbestëmmunge respektéiert ginn.

Fir sech e bessert Bild vun der allgemenger Situatioun am Land ze maachen, huet all Bierger d'Méiglechkeet sech iwwer de Large Scale Testing testen ze loossen, an esou een Deel vun der Léisung ze sinn.

Déi Leit, déi an enger Wunnstruktur fir Leit mat engem Handicap liewen, wäerte vum Gesondheetsministère d'Méiglechkeet kréien, fir sech kënne bei sech doheem an der Struktur op de Covid-19 testen ze loossen, fir datt een och hei d'Situatioun kontinuéierlech am Bléck huet.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Eng Équipe vum Large Scale Testing wäert duerfir ab November den Tour vun de Strukture maachen, fir esou den eenzele Bewunner, an natierlech och dem Personal, direkt e puermol an a regelméissegen Ofstänn unzebidden, een Test sur Place ze maachen. Dëst geschitt an Ofsprooch mat de jeeweilege Responsabele vun den diverse Wunnstrukturen.

Dës Tester erméiglechen d'Verdeelung vum Virus fréizäiteg ze erkennen. Am Fall vun Infektiounen an enger Wunnstruktur kann esou séier reagéiert ginn an an Zesummenaarbecht mat de Responsabele vun de Strukture kënnen dann déi néideg Sécherheetsvirkéierunge getraff an ëmgesat ginn, fir e weidert Ausbreede vum Virus ze limitéieren.

Nieft den Tester gëllt et awer och weiderhin ëmmer d'Gestes Barrière anzehalen an d'Sécherheetsbestëmmungen an deenen eenzele Strukturen ze respektéieren, fir Är Léifst an déi Leit mat deene Sie zesummen an enger Gemeinschaft liewen, beschtméiglechst ze schützen.

Merci fir Är Mataarbecht an Äert Versteesdemech.

Mat léiwe Gréiss,

Corinne CAHEN
Ministesch fir Famill an Integratioun